

erakomm? Ma, et muss ee sech einfach virstelle wéi d'Pressefräiheet deemools fonctionnéiert huet. Deen Eenzeggen, dee wierklech op de Mëttele souz, dat war den Imprimeur. Eng Imprimerie ze hunn, dat war eppes. Do huet ee misse Suen hu fir eng Imprimerie ze hunn. Eng Imprimerie dat war och eppes wat opgefall ass. Haut kënn Der mat Ärem PC oder mat Ärem portable Computer eng Imprimerie opriichten, déi kee Mënsch méi kennt. Mir sinn haut an enger anerer Welt. Mä deemools war den Imprimeur deen Eenzeggen, deen d'Responsabilitéit en fin de compte gedroen huet. Dat heescht, wann ee konnt ugesicht ginn, en fin de compte, war et den Imprimeur.

Haut ass dat net méi esou. D'Technologie huet evoluéiert, an dofir ass déi Responsabilité en cascade net méi déiselwecht wéi deemools, well ebe jiddferen haut säin eegenen Imprimeur ka spillen. An dofir ware mer eis eens, dass déi Responsabilité en cascade: Auteur, Éditeur, Imprimeur, woubäi den Imprimeur de wichtege Punkt war, soll gestrach ginn, dass et haut net méi ass: Wien ass den Imprimeur? Déi gëtt en fin de compte gestrach.

Här President, Dir sot mer wann ech soll ophalen, well ech mierken, d'Attention ass net méi ganz grouss.

D'Regierung huet effektiv virgeschlo gehat, eng Responsabilité solidaire tëschent dem Auteur an dem Éditeur virzeschloen. Woufir ass dat komm? Et ass iwwerhaapt net komm fir de Journalist do ze stroufen. Au contraire, mir sinn dovunner ausgangen, dass et schlecht wär, dass ëmmer de Journalist dee wär, dee géif gestrooft ginn. Mir waren der Meinung, dass den Éditeur soll an enger Responsabilité solidaire och geruet stoen, well oft den Éditeur eigentlech deen ass, deen d'Suen huet, an net de Journalist. Dat ass kritiséiert ginn. Net nëmme vun de Journalisten, mä ganz heftegst vun den Éditeuren ass dat kritiséiert ginn, well d'Éditeuren do net wollte mat erakommen. Mir sinn och an der Kommissioun eens ginn, fir op déi Responsabilité solidaire ze verzichten.

Mir sinn elo amgaangen an der Kommissioun, obwuel ech soen, dass och do Schwieregkeete sinn, eng nei Responsabilité en cascade ze fanne mam Diffuseur. Do gëtt et eng ganz Rei juristesche Schwieregkeeten. Op déi komme mer zrëck wa mer de Projet definitiv fäerdeg hunn, an dat wäert an deenen nächste Wochen a Méint de Fall sinn, well dem Statsrot säin Avis eminent ass, a mir kommen an der Kommissioun zesummen. Mir kucken dat, dat ass effektiv ee vun de kruziale Punkten.

Ech wëll mech hei just verwiere géint all Ennerstellung - a wann Der d'Texter noliest, wësst Der dat -, dass hei d'Regierung versicht hätt, de Journalist enner Tutelle ze stellen. Et war just de Contraire, an d'Regierung huet notament vun der Chamber ennerstallt kritt, si wär vill ze vill journalistefrëndlech, an dofir wëll ech hei och wierklech bieden, dass mer zu engem sereinen Débat zrëckféieren, well et der Regierung wéi och der Chamberkommissioun an der Chamber drëm geet, en uerdentlecht Gesetz ze maache wat conforme ass zu deem wat d'Mënscherechtskonvention verlaangt.

Dofir ass dat, wat elo den Här Rippinger hei am Numm vun der Kommissioun virgestallt huet, wierklech e proppere Projet, an ech wëllt wierklech net hunn, dass iergendeen hei géif ennerstellen, iwwert deen dote Projet vun der Revisioun vun der Verfassung géife mer zrëckkommen op 1856. Dat ass wierklech eng beiséwëlleg Ennerstellung an dat entsprécht net deem, wat an der Kommissioun diskutéiert gouf.

Dat entsprécht net deem, wat och d'Positioun vun der Regierung ass, an ech mengen dofir ass d'Positioun vun der Kommissioun, déi lar-

gement unanime war, - ech ka jo net soe si wär unanime gewiescht, vu dass den Här Urbany hei eng géigesäiteg Meinung hat, mä et huet vläicht domat ze dinn, dass den Här Urbany net genuch an deenen Aarbechte bedeelegt war -, mä ass déi Positioun hei eng räichlech propper Positioun, déi eis wierklech erlaabt, an Zukunft e Pressegesetz hei nach virun de Wahlen ze stëmmen, wat de Conformitéite vun der europäescher Mënscherechtskonvention entsprécht, an dofir géing ech lech wierklech bieden, deesen Text hei ze stëmmen, an déi déi Problemer hätten, hu jo elo mat der Reform vum Artikel 114 d'Méiglechkeet, och hei un d'Vollek ze appelléieren.

Ech soen lech merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - Den Här Urbany huet d'Wuert gefrot.

■ **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Här President, ech wëll just kuerz op dat agoe wat de Minister elo just gesot huet. Ech wëll net agoen nach eng kéier op meng ganz Argumentatioun, déi ech virdrun hat, iwwert de Stelleväert vun esou enger Dispositioun an der Verfassung, als Garde-fou och fir zukünfteg Ännerungen vun der Gesetzgebung, déi eventuell erëm an iergendenger Form de Prinzip vun der Responsabilité collective vun de Journalisten, zesumme mat hiren Éditeuren, kéinten aféieren. Dat ass jo net aus der Loft gegraff, dat Gesetz huet dat effektiv virgesinn, esou wéi d'Regierung et virgeluecht huet, an et huet effektiv misen zu engem Widerstand komme vun der Journalistevereinigung ënnert anerem, fir dass déi Bestëmmung erëm erausgehol ginn ass, also ass dat guer net esou aus der Loft gegraff, wat ech do gesot hunn.

Ech wëll awer op nach eppes agoen. Dat ass déi Fro, dass d'Eraushuele vun där Dispositioun „la censure est abolie“ ni en Diskussiounsthema an der Kommissioun sollt gewiescht sinn. Ech wëll awer dozou eppes Kuerzes soen. Ech hunn hei e Sitzungsbericht vum 16. Februar 2000, wou den Här Rippinger, fir en ze nennen, ernimmt gëtt: „L'orateur se demande toutefois si une disposition sur la censure, cette dernière remontant à une époque désormais révolue, a encore sa place dans une constitution moderne.“ Déi Fro ass op d'mannst opgeworf ginn. Ech hu jo net gesot, dass den Här Rippinger dofir agetratt ass, déi misst onbedéngt erauskommen aus deem Projet, soss wier en net d'accord.

An nach de 14. Januar dëst Joer an enger Kommissiounssitzung, wou ech awer dobäi war, obschonn ech net Member vun där Kommissioun sinn, huet den Här Rippinger nach eng kéier déi Fro opgeworf: „Enfin, faut-il vraiment maintenir à notre époque la disposition prévoyant que la censure ne pourra jamais être établie?“ - Cela dit, l'orateur est cependant d'accord avec le projet de révision.“

Mä ech wollt just soen, a méi hunn ech och net gesot, dass bis zum Schluss déi Fro diskutéiert ginn ass an der Kommissioun.

Ech soen lech merci.

■ **M. le Président.** - D'Wuert huet den Här Minister Biltgen.

■ **M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi.** - Also, fir op déi zwou Saachen zrëckzekommen. Nach eng kéier, d'Responsabilité solidaire - et ass keng Responsabilité collective, dass een dat mol gutt versteet. An et waren net nëmme d'Journalisten. Et waren net zu Lescht a virun allem d'Éditeuren, déi dergéint waren. An d'Regierung huet iwwerhaapt kee Casus belli doraus gemaach. D'Regierung huet dat duerchdiskutiert a mir sinn op en anere Wee gaangen.

Zweetens, wat d'Censure ubelaangt, soen ech nach eng kéier - an do weess ech awer wierklech, vu wat ech schwätzen, well ech war dee Moment President vun där Kommissioun -, dass mer 1998 schonn, an do war den Här Rippinger och schonn derbäi, an e war als Oppositiouspolitiker derbäi, eis eens ware fir dee Saz stoen ze loosser an an allen offiziellen Dokumenter vun der Chamber ass dat och esou traitéiert ginn. Mir hunn deemools, 1998, dat un de Statsrot ginn, an de Statsrot huet deen Text och positiv aviséiert, an dat ass och net méi a Fro gestallt ginn, och wann een natierlech eng kéier déi Fro opwerfe kann. Ech mengen, dat ass awer d'Recht vun all Deputéierten. Mä et ass ni offiziell diskutéiert ginn.

Dass mer net 1998, respektiv 1999 ofgeschloss hu mam Artikel 24 - well den Text dee mer haut stëmmen, ass deeselwechte wéi deemools -, dat huet domat ze dinn, dass mer gesot hunn, mä kommt mir huelen elo net Décisiounen, ier dass mer wëssen, wat an d'Pressegesetz kënn. Elo, wou mer an der Kommissioun ënnert der Présidence vum Laurent Mosar do ganz wäit komm sinn a kierzester Zäit mat villen intensiven Diskussiounen, wou déi eng méi begeeschtert si wéi déi aner. - Och ech hunn e bësse meng Meinungen do dozou. - Mä mir hunn awer global gesinn e gudden Text. Deen hu mer elo un de Statsrot ginn an elo kënn de Statsrot mat engem Avis. Elo kommen erëm Amendementer. Deen Text wäert och nach änneren op Grond vum Avis vum Statsrot oder och op Grond vun Diskussiounen, déi mir de part et d'autre och mat de Concernéierte féieren. Mir wëssen awer elo, wou d'grouss Richtung higeet an dofir kënne mer haut wierklech en âme et en conscience hei en Artikel 24 verabschieden, deen awer wierklech net géint d'Pressefräiheet ass.

An dat, wat mech rose mécht, dat ass, dass hei ennerstallt gëtt, mir hätten elo wierklech hei déi hanerlëschtege Iddi fir d'Pressefräiheet a Fro ze stellen. Dat ass net de Fall. Au contraire.

■ **M. le Président.** - Den Här Jean-Paul Rippinger huet d'Wuert.

■ **M. Jean-Paul Rippinger (DP), rapporteur.** - Ech soe just, Här President, dem Minister merci, well hien huet fir mech ganz gutt geäntwert. Hien huet och gesot, dass - an et ass jo elo bewisen - ech an der Oppositioun a mir an der Oppositioun déiselwecht Meinung zu deem ganz wichtege Sujet vun der Verfassung hate wéi och elo. Den Här Urbany huet iergendwéi och Recht, dat hien dat zitiiert huet. Mä et war meng Pflicht a meng Schëllegkeet, géing ech soen, als Rapporteur nach eng kéier nozefroen an där leschter Sëtzung, ob mer dobäi géinge bleiwen. An dat hunn ech och dunn a mäi Rapport afléisse gelooss. Méi ass net an där ganzer Saach.

■ **M. le Président.** - D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Article unique vum Projet de révision 3924 a mir stëmmen driwwer of.

**Lecture du texte du projet de révision de la Constitution (par M. Jean Spautz)**

Den Article 24 ass gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann elo zum Vote iwwert dee virleiende Revisiounsprojet.

**Vote sur l'ensemble du projet de révision de la Constitution**

Ech erënneren nach eng kéier drun, dass eng Majoritéit vun zwee Drëttel erfuerdert ass an datt de Vote par procuration net erlaabt ass.

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalte sech.

De Projet de révision ass ugeholl mat 53 Jo-Stëmmen an enger Neen-Stëmm.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mars Di Bartolomeo, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer et Georges Wohl-fart;*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wager.*

*A voté non: M. Serge Urbany.*

Mir fuere weider mat eisem Ordre du jour a kommen dann zur Diskussioun vum Projet de loi 5051 iwwert d'Konventioun vu Budapest. Och bei dëser Ofstëmmung musse mindestens zwee Drëttel vun den Deputéierte sech fir de Projet de loi aussprieche an de Vote par procuration ass net erlaabt.

Als Éischten huet den Här John Schummer d'Wuert als Rapporteur vum Projet de loi. D'Wuert huet den Här Schummer.

## 10. 5051 - Projet de loi portant approbation de la Convention de Budapest relative au contrat de transport de marchandises en navigation intérieure (CMNI), faite à Budapest, le 22 juin 2001

**Rapport de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Transports**

■ **M. John Schummer (DP), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet de loi betrëfft d'Approbatioun vun der Konventioun vu Budapest relative au contrat de transport de marchandises en navigation intérieure, déi den 22. Juni 2001 zu Budapest ennerzeechent ginn ass. De Projet gouf vun der Madame Ausseminister den 18. November 2002 déposéiert. De Statsrot gouf den 31. Oktober 2002 saiséiert an huet och säin Avis de 4. Abrëll 2003 ofginn. D'Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Transports huet mech den 2. Juli 2003 als Rapporteur designéiert an an där Sitzung ass de Projet och eng éischte kéier ënnert d'Lupp geholl ginn, mam Avis vum Conseil d'État iwwerens an darselwechter Sitzung. Eng weider Sitzung war den 13. November 2003, an de Rapport, deen ech elo virdroen an deen Dir och schréfflech virun lech leien hutt, gouf den 22. Juni 2004 ugeholl.

D'Länner, déi vun dëser Konvention betraff sinn, sinn Däitschland, Eisträich, d'Belsch, Bulgarien, Kroatien, Frankräich, Ungarn, Lëtzebuerg, Holland, Tschechien, Rumänien, Russland, d'Slowakei an d'Schwäiz. Dës Konventioun regelt d'Modalitéite vum Transportkontrakt vu Wuere an der Navigation intérieure. Si ass applicabel on-offhängeg vun der Nationalitéit,

dem Lieu d'immatriculation, dem Port d'attache, dem Besëtz vum Schëff a vun der Nationalitéit, dem Domicile, dem Siège vum Transporteur, vum Expéditeur oder vum Destinataire. à condition dass de Port de chargement oder de déchargement, soit le lieu de livraison an zwee verschiddene Länner sinn, wouvun eent op d'mannst Signataire vun dëser Konventioun vu Budapest ass. Et gëtt heimat e Vide juridique opgehuewen. De Kompromëss ass also deen, dass de Prinzip vun der Responsabilitéit vum Transporteur senge Préposés et mandataires souwéi dem Transporteur substitué, wat d'Perte oder d'Avarie vun de Wuere betrëfft, zrëckbehalde gëtt.

De Conseil d'État approuvéiert d'Ziler, déi duerch dës Konventioun viséiert sinn, mä e mécht Reserven, wat d'Procédure d'amendement betrëfft, an ech zitiiere de Conseil d'État: „Le Conseil d'État redoute une dévolution par traité de pouvoirs souverains à une institution de droit international, tel que le prévoit l'article 49bis de la Constitution luxembourgeoise, puisque le pouvoir de décision quant à l'acceptation de l'amendement n'appartiendrait plus à chacune des Parties, mais à une institution de droit international qui dispose de ce fait d'une large autonomie. Dans ces conditions, le Conseil d'État estime que la loi d'approbation sous examen doit être votée dans les conditions de l'article 114, alinéa 5 de la Constitution auquel renvoie l'article 37, alinéa 2 de la Constitution pour les traités qui portent dévolution de pouvoirs souverains.“ Och d'Kommissioun vun der Économie, Énergie, Post an Transport ralliiert sech där Meinung.

Als Konklusioun kann een also soen, dass dës Konventioun dozou bäidréit, dass d'Harmonisatioun vun de juristesche Regimer am Interessi vum Développement vun den Transporter ass. Et ass wichtig, well dës Konventioun fir d'Transporteur hir Responsabilitéit fir d'Perte ou l'Avarie bestëmmt an och d'Exonératioun vu Responsabilitéit fir Fautes nautiques.

Ech bieden lech also dës Konventioun oder besser gesot dëse Projet de loi ze stëmmen.

Ech soen lech merci.

■ **M. le Président.** - Et ass keen Diskussionsriedner agedroen. D'Wuert huet den Här Transportminister Henri Grethen. Wëllt Dir d'Wuert?

**(Négation)**

Also, da stëmme mer of iwwert déi virleiend Konventioun. Mir maachen awer fir d'éischt d'Lecture vum Artikel.

**Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)**

■ **M. le Président.** - Den Article unique ass gelies an ugeholl. Mir stëmmen also iwwert dee virleiende Projet de loi of.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalte sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg mat 49 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer;*



MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mars Di Bartolomeo, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Jos Scheuer et Georges Wohlfart;

MM. Jean Colombero, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira et Mme Renée Wagener.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou décidéiert.

An da komme mer zur Diskussioun vum Projet de loi 5099 iwwert den Energieverbrauch. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Emile Calmes.

## 11. 5099 - Projet de loi instaurant un régime d'aide à la protection de l'environnement, à l'utilisation rationnelle de l'énergie et à la production d'énergie de sources renouvelables

### Rapport de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Transports

M. Emile Calmes (DP), rapporteur.- Här President, Dir Damen an Dir Hären, mir hunn et hei mat engem Gesetz ze dinn, wat een Hëllefregime fir d'Betribler aféiert a Saachen Ëmweltschutz, rational Notzung vum der Energie an och erneierbar Energien. Dat Gesetz hei ass den 13. Februar vum leschte Joer déposéiert ginn, de 7. Oktober huet de Statsrot säin Avis dozou ginn, den 12. an den 18. November hu mer eis an der zoustänneger Wirtschaftskommissioun doriwwer ënnerhalen an den 21. Januar ass de Rapport vun dem Gesetz hei gestëmmt ginn.

Den Ursprung vun deem Gesetz hei geet zrëck op d'Wirtschaftsförderungsgesetz vum 27. Juli 1993 wou iwwert den Artikel 7 ee spezifesch Regime agefouert ginn ass a Saachen Ëmweltschutz a rational Notzung vum der Energie. D'Be-grënnung fir dësen Artikel war et d'Entreprise ze encouragéieren an Ëmweltschutzprogrammen a Projeten ze investéieren, déi zum Zil hunn d'Emissioun an d'Loft an an d'Waasser, grad esou wéi den Offall ze prévenéieren, ze reduzéieren, an dann awer och ze eliminéieren, grad esou ewéi d'Kaméidis- an d'Gestanksemissiounen erofzesetzen.

Well den europäeschen Traité awer - iwwert den Artikel 88 - der Kommissioun eng exklusiv Kompetenz a Saache Statshëllefeng octroyéiert, a well déiselwecht Kommissioun nodeem se den 9. Dezember 1992 dëse Regime gutt gehalen huet, de 26. Januar 2001 en neie Kader fir Statshëllef fir den Ëmweltschutz festgehalen huet, dränge sech natierlech och fir Lëtzebuerg hei nei gesetzlech Dispositiounen op, a Saachen éischters Ëmweltschutz, zweetens rational Notzung vum der Energie an drëtters erneierbar Energien. An dofir huet d'Kommissioun d'Regierung informéiert, datt d'Dispositioun vum Artikel 7 nëmme Gültgkeet hätte bis den 31. Dezember 2001 an duerno net méi kompatibel wiere mat deem neie Regime an dofir mussen dann dës Regele geännert ginn.

Dat Gesetz hei ass also dat, wat am alen Artikel 7 vun deem sou genannte Wirtschaftsförderungsgesetz muss geännert ginn. An déi Dispositiounen hei fanne mer alleguerten an engem neie Gesetz erëm, wat d'Nummer 5069 huet, an esou an déi Beräicher Ëmweltschutz, rational Notzung an erneierbar Energien ofgetrennt gëtt vum ale Wirtschaftsförderungsgesetz, fir esou och Interferenzen mat deenen anere Regimer, wat d'Recherche an den Développement a

PMEE betrëfft, ze vermeiden, fir awer och ze vermeiden, dass dat Gesetz erëm eemol vun der Europäescher Kommissioun ganz ënert d'Lupp geholl gëtt. An Zukunft wëllt d'Regierung och dëse Wee goen, wann et ëm nei Emännerungen an deem Gesetz hei geet.

Nom alen Artikel 7 vun deem sou genannte Wirtschaftsförderungsgesetz konnten de Betribler, a Saachen Ëmweltschutz a rational Notzung vum der Energie, Hëllef bis zu 25% octroyéiert ginn. De Bilan vun dësen Dispositiounen ergëtt, dass an de Joren 1994 bis 2001 33 Projete vun dësen Dispositiounen konnte profitéieren an dass déi Projeten 23 Milliounen Euro Hëllef kritt hunn.

Mat deem neie Gesetz ginn da véier Hëllefregimer agefouert. Deen éischte Regime setzt dann Hëllef fest, fir Investissementer am Intérêt vum Ëmweltschutz, déi deenen Entrepreneuren zegutt kommen déi ënnert dëse Champ d'application an och ënnert dëst Gesetz hei falen, an déi Investitiounen realiséieren déi eng oder méi communautär Normen dépasséieren, oder wann déi Betribler Investitiounen realiséieren wou keng communautär Norme bestinn, oder awer Investitiounen realiséieren, déi iwwer national Normen erausginn, oder fir sech un nationalen Normen ze conforméieren, déi dann awer méi streng si wéi communautär Normen, an an deem Fall kënnen d'Betribler bis zu 30% Hëllef kréien.

Et gëtt dann nach een zweete Regime vun Hëllefeng agefouert, nämlech dee fir Investissementer wat d'rational Notzung vum der Energie ugeet; an hei kënnen d'Hëllef bis zu 40% eropgoen.

Drëtters ass dann nach ee Regime virgesi fir Hëllefeng an Investissementer, wou et dorëms geet, d'Stroumproduktioun eropzesetzen, an dat op Grond vun erneierbaren Energien an och hei kënnen dës Hëllef bis zu 40% goen.

An da gëtt des Weideren nach ee Regime vun Hëllefeng agefouert, wou et dorëms geet, Investissementer ze ënnerstëtzen a Blockheizkraftwierker, respektiv Cogénérationen genannt. Och dës Hëllef kënn bis zu 40% goen, virausgesat, dass d'Rendementskonditiounen effikass genuch sinn.

Fir déi Kleng- a Mëttelbetribler - an ënner Kleng- a Mëttelbetribler an deem Gesetz hei versteet een Entrepreneuren, déi bis zu 250 Leit beschäftegen - kënnen dann dës Hëllefeng, déi ech hei genannt hunn, dat heescht vun 30 a vu 40% nach eemol ëm 10% eropgesat ginn. Dës Kleng- a Mëttelbetribler kënnen awer och nach vun deenen alen Aiden, déi bis zu 15% kënn goen, profitéieren, wa se sech un déi Normen adaptéieren; virausgesat nodeems dës communautär Normen an deenen dräi Joer an deem Land ëmgesat sinn.

Fir dës Hëllefeng auszebezuelt ginn déi zwee Ministeren - et sinn der an deem heite Fall zwee, de Finanzminister an de Wirtschaftsminister - begleet vun enger consultativer Kommissioun, déi en Avis ka maachen zu deenen Aiden, déi hei ugefrot ginn. Et kënnen och all déi Betribler dovunner profitéieren, déi an der Vergaangenheet op Grond vun deem Gesetz investéiert hunn, virausgesat si hunn eng Demande au préalable gemaach, wou se dunn hir Aarbechten ugefaangen hunn.

Dat Gesetz hei ass da geduecht fir industriell Betribler an awer och fir Dëngschtleeschungsbetribler, ënnert der Konditioun, dass se - esou steet et an engem Reglement - eng Influence motrice op déi wirtschaftlech Entwécklung vun eisem Land hunn. Et ass an engem Reglement vun 1997 festgehalen, wat fir Dëngschtleeschungsbetribler dat hei sinn.

Mir hunn an der Kommissioun dann och déi verschidden Avisen duerchgekuckt, souwuel déi vun

der Chambre de Commerce, wéi och déi vun der Chambre des Métiers an dee vum Conseil d'État. Déi Avisen waren duerchaus positiv, d'Chambre des Métiers huet just bemierkt a gefrot, ob déi Dispositiounen dann hei och géife gëlle fir Handwerksbetribler. Dat ass net de Fall. D'Hëllef fir d'Handwerksbetribler ginn iwwer een aner Gesetz geregelt, e Gesetz wat och schonn am Laf vum leschte Joer déposéiert ginn ass, wat d'Nummer 5148 huet a wat e generelle Kader soll festsetzen, fir en Hëllefregime ze schafen, deen dann dem Secteur vun de Classes moyennes integral zoukënn.

Et muss een awer do ënnersträichen, dass och dat Gesetz sech op dat Reglement vun der Europäescher Kommissioun baséiert. Och hei sinn Hëllefeng zwëschen 30 a 40% virgesinn, déi och ëm 10% majoréiert kënn ginn; och nach zousätzlech ëm 5% wa se ënnert de Regime vun enger Region falen, respektiv ëm 10% wann et sech ëm PMEEen handelt.

No deene Reglementer fir d'Particulieren, déi am Joer 2001 geholl gi sinn, an och mat deem sou genannten a generéise Aspeisungsgesetz, mengen ech, hätte mer, wann dat Gesetz 5148 iwwert de Mëttelstand d'Chamber hei passéiert hätt, ee kompletten Arsenal a Saachen Ëmweltschutz, rational Notzung an och Förderung vun erneierbaren Energien a Cogénération fir d'Betribler, ob et Kleng- oder Mëttelbetribler sinn oder Industrien.

Ech mengen, domat géif Lëtzebuerg un der Spëtzt vun dësen Dispositiounen stoen an an deem Sënn géif ech lech dann och invitéieren d'Zoustëmmung deem Gesetz hei ze ginn.

Merci.

M. le Président.- Als éischten Diskussionsriedner ass den Här Lucien Clement agedroen. Den Här Clement huet d'Wuert.

### Discussion générale

M. Lucien Clement (CSV).- Här President, Dir Damen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech dem Rapporteur, dem Emile Calmes, merci soe fir säin ausféierleche schrëftlechen an och mëndleche Rapport.

De Gesetzestext, iwwert dee mer haut hei ofstëmme, gesäit vir déi bestehend Virschreften aus dem Artikel 7 vum Gesetz vum 27. Juli 1993 iwwert d'Bäihëlleferegulung zu Gonschte vum Ëmweltschutz an der rationaler Notzung vum der Energie ze ersetzen. Bedéngt duerch en neie communautären Encadrement vun de staatleche Bäihëllefeng zu Gonschte vum Ëmweltschutz si mer gezwongen eis national Bäihëlleferegulung an dëser Matière nei ze definéieren.

Ee vun den Hauptpunkten an dem Gesetzestext ass deen, datt et net zu enger Ännerung vun der Loi-cadre vum 27. Juli 1993 kënnt, mä et ass e ganz neien Text, deen déi verschidde Bäihëllefeng am Beräich vum Ëmweltschutz, vun der rationaler Benotzung vum der Energie, esou wéi am Beräich vum Energiegewinnung aus erneierbaren Energiequelle regele soll.

Wa mer nëmme d'Dispositiounen vum Artikel 7 am Text vum 1993 géifen änneren, esou hätt dat en direkten Impakt op déi aner Bäihëlleferegulung aus der Loi-cadre, wéi zum Beispill fir d'Fuerschung an d'Entwécklung oder fir Kleng- a Mëttelbetribler, deenen hir Dispositiounen da selbstverständlech och misste geännert ginn. Fir dës Problemer awer aus dem Wee ze goen ass décidéiert ginn e ganz neien Text ze verfaassen, deen nëmme Bäihëllefeng am Beräich vum Ëmweltschutz, der rationaler Notzung

an der Energiegewinnung regele soll.

Déi verschidde finanziell Bäihëllefeng, déi am Gesetzesprojet virgesi sinn, bezéie sech op zwee verschidden Uwendungsbereicher. Engersäits ginn et Hëllef fir Betribler, déi Mesuren zu Gonschte vum Ëmweltschutz an der rationaler Notzung vum der Energie huelen, anersäits sinn dat Ënnerstëtzung fir Betribler déi wëlles hunn Energie aus erneierbaren Energiequellen ze gewannen. Dat éischt Applikationsfeld betrëfft all industriell Betribler, esou wéi Dëngschtleeschungsbetribler.

Projeten zur Energiegewinnung aus erneierbaren Energiequelle kënn mat enger staatlecher Ënnerstëtzung rechnen, ënnert der Konditioun, datt et sech och ëm Betribler handelt, déi konform zu der Lëtzebuergescher Rechtsgrondlag gegrenzt goufen. Ausgeschlossen allerdingens - de Rapporteur huet et scho gesot - vun dëse Bäihëllefeng sinn ausser de klengen artisanale Betribler, déi iwwert dat neit Gesetz vun der Loi-cadre reglementéiert ginn, d'Sociétés de personnes a Privatleit. Dës Leit kënnen allerdingens eng Ënnerstëtzung beim Ëmweltministère ufroen.

Hei konnt ech feststellen, wann een de Site vum Ëmweltministère gekuckt huet haut de Moien, datt d'Reglement ofgeännert ginn ass an zwar esou, datt et guer keng Bäihëllefeng géife ginn. Bäihëllefeng fir kleng Photovoltaikanlage bleiwen zu 50% bestoen, mä et ass degressiv ofgeännert ginn. Wann ee kuckt vu véier Kilowatt bis zéng Kilowatt gëtt et net méi 4.000 Euro, wéi dat bis elo war maximal Kilowatt, mä et gëtt nëmme méi 2.620 an dat geet erof bis 50 Kilowatt, wou et nëmme méi 1.590 Euro maximal kënn ginn. D'Erklärung, déi ech dofir krut, ass déi, datt gréisser Anlage méi rentabel kënnt schaffen wéi kleng Anlagen, esou datt de Payback vu gréisseren Anlage scho bei fënnf bis sechs Joer sech géif rechnen, woubäi kleng Anlage vun nëmme e puer Kilowatt eng Payback-Zäit hätte vun zwielef bis dräizéng Joer.

Déi gréisst Neierung vun dëser Gesetzgebung betrëfft allerdingens d'Intensitéit vun deene verschidde Bäihëlleferegulungen. Si bedroen 30% fir Investissementer an den Ëmweltschutz a 40% fir Investissementer a rational Notzung vum der Energie, esou wéi fir d'Energiegewinnung aus erneierbaren Energiequellen. Dës Tauxen entsprechen dem Taux maximal, deen an de communautären Texten an dëser Matière virgesinn ass.

Déi verschidde Chambres professionnelles begreisse selbstverständlech, datt fir déi eenzel Bäihëlleferegulungen jee weils den héchste Prozentsaz am Gesetzes-text zrëckbehalen gouf. Well de Käschtepunkt vun deene verschidde Investissementer fir Kleng- a Mëttelbetribler méi schwéier ze droen ass wéi fir grouss Entrepreneuren, kënnen déi verschidde Taux fir Kleng- a Mëttelbetribler, dat heescht Betribler vu manner wéi 250 Leit, wat hei zu Lëtzebuerg, géif ech soen, trotzdeem awer scho relativ grouss Betribler sinn, nach ëm 10% an d'Luucht gesat ginn.

Investissementer, fir déi eng finanziell Ënnerstëtzung ugefrot ka ginn, sinn zum Beispill Terrainen, nei Infrastrukturen, Gebaier, Installatiounen an Equipementer. Dës Investissementer ginn awer nëmme ënnerstëtzt wa se och wierklech dozou bäidroen déi virgeschriwwen Ziler, wéi de verbesserten Ëmweltschutz, déi rational Notzung vum Energien an Energiegewinnung aus erneierbaren Energiequellen, och ze erreechen.

Ausserdeem kënnen och ënner bestëmmte Konditiounen Investissementer en actif et en matériel subventionéiert ginn. Esou zum Beispill den Transfert vun Technologien ënnert der Form vu Beschaffung vun Exploitationslizenzen

oder techneschem Wëssen, déi brevetéiert oder och net brevetéiert sinn.

Bei deene verschidde finanzielle Bäihëllefeng, déi d'Betribler ufroe kënnen, handelt et sech exklusiv ëm Kapitalsubventiounen. Den Zënszouschoss, esou wéi d'Statsgarantie, déi nach am Kadergesetz vum 1993 als Bäihëllefmechanisme virgesi waren, ginn an deem Text net méi zrëckbehalen, well am Laf vun de Jore goufen se och weider net ugefrot. Deemno ginn also nëmme méi Kapitalsubventiounen ausbezuelt.

Zënter der Aféierung vun der Bäihëlleferegulung fir den Ëmweltschutz a fir d'Notzung vum der rationaler Notzung vum der Energie duerch d'Gesetz vum 27. Juli goufen eng 40 Projete finanziell ënnerstëtzt. Zënter 1997 beleef sech de Montant vun den Interventiounen op 2,5 Milliounen Euro pro Joer. Duerch d'Eropsetze vun deene verschidde Taux geet de finanziellen Impakt selbstverständlech och an d'Luucht. Ënnert der Hypothees, datt d'Unzuel an de Montant vun deenen zukünftigen Investissementer relativ konstant bleift an a Kombinatioun mat dem neien Interventionsniveau, deen och an d'Luucht geet, kënnt een zur Konklusioun, datt sech de Montant vun de finanzielle Bäihëllefeng pro Projet verduebelt an datt de Montant vun den öffentlechen Interventiounen an der Moyenne op 6,3 Milliounen Euro eropwuesse wäert.

Ech mengen, Här President, datt dësen Text e wichtige Schrëtt an d'Richtung vum Schutz vum der Ëmwelt ass. Dës Bäihëllefeng erlaben et selbstverständlech den Entrepreneuren sech un international Normen a Saachen Ëmweltschutz unzepassen. Ausserdeem ka mat Sécherheet och d'Kompetitivitéit vun deem engen oder anere Betrib verbessert ginn. Dës finanziell Ënnerstëtzung kënnen awer och dozou bäidroen, datt mer déi Verpflichtungen, op déi mer am Protokoll vu Kyoto agange sinn, och erfëlle kënnen.

Et ass, géif ech soen, e gudden Text, deen an de Kommissiounssätzunge weineg Problemer gemaach huet. Den Text ass och vun der Europäescher Kommissioun guttgeheescht ginn. Dofir géing ech dann, Här President, och den Accord vun der CSV-Fraktioun zu deem Text ginn.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Gusty Graas agedroen. Den Här Graas huet d'Wuert.

M. Gusty Graas (DP).- Här President, Dir Damen an Dir Hären, wann een enger leschter Ëmfro gleewe kann, déi iwwerens am Optrag vun der Chamber gemaach ginn ass, dann hätt den Ëmweltschutz e relativ héije Stellenwäert an der Gesellschaft, mä wéi dat jo ëmmer esou mat deenen Ëmfroen ass, muss een awer gewësse Reserve vu virera mat umellen.

Tatsaach ass allerdingens, datt mer ouni Zweifel eng Rei vu seriöse Problemer mat der natierlecher Ëmwelt hunn. Eis Gewässerleef sinn net onbedéngt an der beschter Situatioun, an eis Bëscher sinn alles aneschtens wéi kargesond an d'Klimaverännerung mécht eis och vill Suergen. Also ass et schonn evident, datt eng gewëssen nei Denkkultur muss kommen, fir déi Problemer do méi offensiv unzegeen. Dat géllt natierlech virun allem fir déi klimatesch Verhältnissen, an déi gi jo och zu enger Rei vu Spekulationen Ulass.

1995 huet zum Beispill den zweete Rapport vum Groupe intergouvernemental d'experts sur l'évaluation du climat festgehalen, dass mënschlecht Wierken u sech schonn de Klima géng beaflossen. Sou soll déi global lwwerflächentemperatur bis d'Joer 2100 ëm 1 bis 3 Grad klammen. Dat wär jiddefalls dee séierste Changement zënter